

Léif Leit,

Ech sinn zënter 18 Jor Buergermeeschter, a wir frou wann Dir, bei Geleeënheet vun den Gemengewahlen vum 9. Oktober 2011, mir d'Chance géift ginn, fir och weiderhin am Dénsgscht vun eiser Gemeng ze schaffen.



An deenen leschten Joren huet eis Gemeng sech verännert, ouni awer hir Séil ze verléieren. Mir sinn eng Gemeng mat ländlechem Charakter bliwwen, och wann haut méi Leit an eiser Gemeng wunnen a schaffen. Eis Gemeng soll sech awer och an Zukunft weider entwéckelen. Mir wëllen net op der Platz trëppelen, mä mat de Verännerungen um Landesplang Schrëtt halen.

Mir brauchen heifir e neie Bebauungsplang, dee mir an de leschten Joren diskutéiert hunn, deen awer net konnt ëmgesat ginn, dest wéinst der Erneierung vum Gesetz iwwer den "aménagement communal". Den nächsten Gemengerot muss dës Aarbecht zum Ofschloss bréngen.

Wat d'Territorialreform ugeet, wësst dir, dass mir de Plang vun der Regierung, fir eis Gemeng mat der Gemeng Gréiwemaacher - déi éischter de Charakter vun enger Staat huet - ze fusionéieren, ofgeleent hunn. D'Optiounen déi elo bleiwen, an déi ech gärën mat Iech géif diskutéieren, sinn autonom ze bleiwen oder eng Zesummenaarbecht mat aneren Nopeschgemengen unzestriewen.

Weider wichteg Dossieren um Programm vum nächsten Gemengerot sinn den Ausbau vun den Infrastrukturen an den Dénsgschtleeschungen am Interêt vun den jonken (Maison relais, Schoul, Late Night Bus, asw.) an den eeleren Leit (Altersheem Grevenmacher a Berburg, repas sur roues, asw.) . Am gläichen Otemzuch well ech d'Sports- an Fraizäitinfrastrukturen nennen. Si stinn der Schoul an de Veräiner aus der Gemeng zu Verfügung.

An de leschten Joren goufen och nei Akzenter an der Energie- an Ëmweltpolitik gesat: Installatioun vun Photovoltaikanlagen, Bäitritt zu "my energy", Zertifikatioun PEFC vum Gemeindebësch, asw. Vum 1. Oktober 2011 un huet d'Gemeng och "grénge"Stroum. Am Sënn vun enger nohalteger Gemeindepolitik müssen dës Ustrengungen nach verstärkt ginn. D'Prioritéite fir mech sinn Energiespueren an de Gemeindegebaier an e schounenden Ëmgang mam Waasser.

E besonnescht Uleies bleift awer och d'Finanzpolitik. Duerch eng virsiichteg Ausgabenpolitik wäert ech versichen de Gemeindebudget am Gläichgewiicht ze halen. Nëmmen esou ass et méiglech d'Gemeingeschuld niddreg ze halen a Reserven unzeleeën fir déi zukünfteg Investissementer – Maison relais, Kläranlag, Atelier a Pompjeesbau, Hauptstrooss an Härebiereg zu Wecker, CR 134 zu Haastert, CR 132 zu Brouch, . . - finanzéieren ze kennen.

Léif Leit, an deenen leschten Joren hat Dir d'Geléigenheet fir meng Art a Weis Gemeindepolitik ze maachen kennen ze léieren. Ech hunn et sécherlech net all Mënsch gerecht gemaach. Zesummen mat mengen Kollegen am Schaffen- a Gemengerot hunn ech awer versicht eng éierlech, sachlech a wäitsiichteg Politik ze maachen.

Esou wéi an der Vergaangenheet, well ech och an de kommenden Joren weiderschaffen. Ech soën Iech Merci fir Är Ënnerstëtzung.

Chers citoyens,
Chères citoyennes,

Bourgmestre depuis 1994, je me présente à nouveau aux élections communales du 9 octobre 2011.

Au cours des années passées, notre commune a connu une évolution positive reflétée par la progression du nombre de ses habitants et la création d'emplois. Cette tendance devrait se poursuivre dans les années à venir, ceci dans le respect des contraintes, mais aussi des opportunités que présente une commune à caractère rural.

C'est ainsi que le plan d'aménagement général (PAG) de la commune doit être soumis à une refonte totale. Le dossier a fait l'objet de maintes discussions au niveau du conseil communal sortant mais n'a malheureusement pas pu être finalisé à cause des modifications apportées récemment à la législation sur l'aménagement communal.

Autre sujet qui a été à l'ordre du jour du conseil communal sortant: la réforme territoriale. La proposition du gouvernement de fusionner la commune de Biwer avec celle de Grevenmacher a été avisée négativement par le conseil communal. Restent dès lors les options suivantes: collaborer avec d'autres communes voisines ou maintenir l'indépendance. Cette question, avant d'être tranchée, doit faire l'objet d'une large concertation avec la population.

L'extension des services et des infrastructures dans l'intérêt des jeunes (maison relais, école fondamentale, Late night bus, . . .) et des personnes âgées (CIPA Grevenmacher et Berbourg, repas sur roues, aide/soins à domicile, . . .) doit rester une autre préoccupation des élus communaux. Cela vaut aussi pour les infrastructures sportives et de loisirs qui sont à la disposition de l'école et des associations locales.

L'énergie et l'environnement sont deux autres enjeux qui doivent retenir l'attention du futur conseil communal. Les efforts déployés au cours des années passées (partenariat avec "my energy", installations photovoltaïques, certification PEFC de la forêt communale, . . .) doivent être poursuivis. S'y ajoutent les travaux de modernisation de la station d'épuration ou encore l'amélioration de l'efficacité énergétique des bâtiments communaux.

La réalisation de ces projets nécessite des moyens financiers importants. Il est dès lors indispensable de continuer à mener une politique budgétaire prudente permettant ainsi de générer les fonds nécessaires au financement des investissements futurs (travaux routiers à Wecker, Hagelsdorf et Brouch, maison relais, atelier communal, garage du service d'incendie, etc.).

Chers citoyens, chères citoyennes, au cours des années passées j'ai essayé, ensemble avec mes collègues du conseil communal, de servir au mieux les intérêts de la commune. Les critères qui m'ont guidés dans la prise de décision sont l'honnêteté, l'objectivité et la clairvoyance.

Avec votre soutien, je suis prêt à continuer à m'engager en faveur de la commune de Biwer. Dès à présent, je vous en remercie.

Soisson Nicolas

Breinert, en octobre 2011